Kolonie

Bulgarien 2009

« Kickericki, Kickericki, la colonie vers Bulgarie est partie !

Em 5.00 Auer in the morning fléien 16 jugenlech erwuessen Kanner mat hiren 2 Tataricen, 1 Moniteur an der Directrice an dat schéint sonnegt Bulgarien, méi gênée op Sunny Beach.

No der Zëmmerverdeelung gouf den Buffet gestiirmt an de Bikinini gehopst an hurteg bei d'Schwemm gemetert.

Eist jonkt Gemeis war awer keefall lazy (lidereg). Et gouf sech also net nëmmen an der Sonn gebrutzelt, sierf et Ballwaasser, Liftgewirschéissen, Pong Ping, Gymnastikwater oder Volleyballbeach, iwerall waren se présent an hunn eng richteg gudd Figur derbei gemeet (Mir vermuten dat et awer och e bessi un engem léiwen Animateur geleen huet). Mee och d'Monitricen/teur waren net faul, beim Cocktailspill oder Darts hunn sie sech wacker geschloen.

In the afternoon sinn mer dunn mol dem schwarzen Mier moien soen gangen (wat awer on reality net Schwarz ass).

Géint 18.00 Auer ass sech geshowert, gegelt, gestylt, geschminkt, gerrigelt an gestriigelt ginn fir dinéieren ze goen. Fir Ofwieslung vun Pizza, Nuddelen, Fritten an Hot Dog huet dei bulgaresch an chinesesch Kichen gesuergt.

Nom Iessen hun mir eppes fir den Portmoni seng Linn gemeet (muss der Porttata jo schliesslech gefaalen). Shoppen, kaafen, kaafen, shoppen. « Are you ready for the show ? » war d'Alternativ zum Geldausginn. D'Show gouf vun den Animateuren aus dem Hotel ugebueden. Zum Bleistift : Sketch-, Rock'n Roll-, Crazy- an Varieteshow. E Mool hunn mer suguer beim Karaokeowend mat gejault an gebiirelt… Den nächsten Grand-Prix-de-la-Chanson d'Eurovision get sécher (net) vun engem Lëtzeboier gewonnen.

D'Nuecht vun Samdeg op Sonndes huet sech d'Sunny Beach an Rainy Beach verwandelt ! Et huet net gereent mee geschott wéi aus Eemeren, an gestiirmt non stop. Baal 4 Deeg hunn mir d'Sonn net gesinn. Déi Zeit hunn mer genotzt fir mol e bessi auszeschlofen.

Een Mëtten hunn eis Mädels d'JUngs an sexy Ladys emgestylt…Luxembourg net Top Models…An wou d'Wieder sech e bessi berouegt haat, hunn mer eis nachemol op Nessebar an an d'Duerf getraut.

Sou sin noch eis Holidays dem Enn zou gangen. Déi 2 läscht Jouren ass sech nach emol gudd durchgebrongt ginn, nach e puer Mol an de Pool (dden relativ kaal war) an an d'Mier gehopst ginn, an den Portmoni as entgülteg an d'Magersucht gedriwwen ginn. An schon war et Samsdes moies 9.00 Auer : « Kickericki, Kickericki, la colonie vers Bulgarie est finie. »

Trotz dem Mini-Monsun haaten mer eng flott Zeit mat vill Spaass, Gelaachs an Gegecks.

Maryline an Romaine